GEMENG JONGLËNSTER

Jonglënster, den 9. Dezember 2024

# 13. Reunioun – Rapport

**2. Dezember 2024 – Centre Polyvalent Gaston Stein**
**Commission des sports et loisirs et de la jeunesse**

## 1) Präsenz

| NOM | PRENOM | PRÉSENT.E | EXCUSÉ.E | N.EXCUSÉ |
|---|---|---|---|---|
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |

## 2) Begréissung & Aleedung mat der Presentatioun vum Ordre du Jour

- Begréissung duerch d’Présidence un d’Membere vun der Kommissioun

## 3) Approbatioun vun de leschte Rapporten

- De leschte Rapporte vun der 12.Sëtzung ass approuvéiert ginn.

## 4) Debrief Sportleréierung

- D'Sportleréierung war dëst Joer extrem séier, esou ware mir a 26 Minutte fäerdeg. D'Gemeng huet och d'lescht Woch d'Fotoe vum Event op hiren Internetsite online gesat.
- Den Tennis huet nom genaue Verdeelungsschlëssel vum Equipepräis gefrot zu hiren eenzelnen Teams. Dës Informatiounen huet de Sekretär hinne wieder ginn.
- Verschidde Leit hunn eis matgedeelt, dass et hinnen ze séier gaangen ass an déi Jonk just ganz kuerz op der Bün stoungen.
- Mir waren eis eens dass d'Sportleréierung ze séier war an eng „Mise en valeur" gefeelt huet. An tëscht hunn och d'Gemengen Nidderanven a Manternach hir Sportleréierunge gehat. Hei hu mir Inspiratioune kritt.
- Mir hu Wëlles een Avis mat engem Konzept ausschaffen an dat dem Schäffen- a Gemengerot presentéieren. Dofir wäerte mir de Schäfferot froen, ob mir ee Konzept kënnen auszeschaffen, dat och zesumme mam Service Communciation vun der Gemeng.

## 5) Avis Krittären - Sportleréierung

- De Schäfferot huet virgeschloe fir d'Editioun 2025 een neit Reglement par Rapport de Krittäre vun de Präisser auszeschaffen.
- An der leschter Versammlung hu mir zesummen diskutéiert wéi mir eis ee Reglement an de grousse Linne kéinte virstellen.
- Mir krute gesot, et géife scho Beispiller vun anere Gemengen um Dësch vun der Gemeng leien. Dowéinst wäerte mir eng Demande un de Schäfferot maache fir nozefroen, ob mir dës Dokument dierfte kréien. Esou kënne mir eis ee besseren Iwwerbléck verschafen, d'Reglementer genau analyséieren an dat Bescht eraus huelen. Dëst fir herno ee qualitativen a fairen Avis mat enger Propose kënnen auszeschaffen.

## 6) Ëmfro Veräiner

- Wéi an der leschter Versammlung decidéiert ginn ass, wäerte mir zousätzlech een Dokument (PDF) erstellen op deem een alleguerten d'Froen op ee Bléck ka gesinn. Esou ass et fir d'Veräiner méi einfach dëse Froebou an hire Comité zesummen ze beschwätzen, respektiv dass hir Comitésmemberen sech beschtméiglech Gedanke kënnen driwwer maachen. Dëst Dokument ass fäerdeg ausgeschafft ginn, a verschiddenen Ännerungen si geholl ginn.
- De Sekretär krut op Nofro alleguerten d'Kontaktdate vun der Gemeng geschéckt. Esou wäert d'Mail mat der Ëmfro en Donneschden, de 5. Dezember eraus goen.
- Als Deadline hate mir Sonndes, den 19. Januar virgesinn. Un deem Datum wäerte mir och festhalen. Zousätzlech géife mir zwee Reminderen schécken, ee viru Chrëschtdag am Dezember an een am Ufank vum neier Joer.

- De Sekretär wäert nach eng Demande un de Schäfferot stellen, fir dass mir den Avis dierfen, esou wéi d'Gemengereglement et virgesäit, publizéieren. Dëst ass eis besonnesch wichteg, als Feedback un d'Veräiner. Esou gesinn si, wéi hir Aarbecht an hir Äntwerte vun eis weider entwéckelt gi sinn a wat d'Resultat dovun ass.

## 7) <u>Seefekëschterennen - Feedback</u>

- D'Ëmfro ass vun deene verschiddene Maison Relaisen an dem Jugendhaus ausgefëllt ginn. Zesummen, dank dem Beamer, si mir iwwert déi eenzel Äntwerte gaangen an hunn dës gemeinsam diskutéiert a beschwat.
- Ënnert anerem hu mir festgehalen déi eenzel Schoulen an d'Schoulkommissioun méi mat anzebannen. Soubal en Datum feststeet soll dësen als Zort „Save the date" un d'Awunner vun der Strooss kommunikéiert ginn. Zesumme mam Service Communication soll gekuckt ginn, wéi mir méi Reklamm fir d'Event kënne maachen.
- Et ass iwwert méiglech Alternativstroosse geschwat ginn. Hei war ënnert anerem D'Rue du Village beim Ale Pompjeesbau an och d'Val de l'Ernz am Gespréich.

## 8) <u>Paddle</u>

- Am Paddle Dossier gëtt et eng nei Entwécklung mat neien Elementer. Esou hu mir op der d'Sportleréierung Geleeënheet genotzt fir e kléngen Echange mam Lënster Tennis Veräin ze hunn. Si hunn eis matgedeelt, dass si ganz oppe si fir eppes ze ënnerhuelen.
- Virun enger gudder Zäit hunn si eng Demande un d'Gemeng gemaach fir de Buedem vum „Betonsterrain" ze iwwerzéien. Hei haten si eng eng spuenesch Firma, déi an der Tennisszeen ganz bekannt ass, fonnt déi dëse géifen installéieren. Esou kéint een den Terrain notzen, ouni seng Knéie futti ze maachen. Si wieren awer och op fir ee Paddle an hunn eis informéiert, dass wann een den Terrain ëm 1 – 2 Meter verlängere géif, esou direkt zwee Paddlesterraine installéiere kéint. Dëst hunn si alles scho vermooss.
- Déi 3 Vertrieder, déi un eis eru getruede waren, hunn eis och gesot, dass si oppe wiere mat lokale Veräiner, de Schoulen an de Lycéeën zesummen zeschaffen.
- Ëmmer erëm héiere mir dass de Paddle Terrain zu Bouneweg vun der VDL mat zu deene beschten Outdoor Terraine gehéiert hei am Land. De Sekretär wäert nofroen, fir do weider Informatioune vun der VDL kënnen ze kréien.
- Als nächste Schrëtt musse mir d'Meenung vum Schäfferot froen. Hei geet et net ëm déi genau Elementer, mee ëm dat Grousst Ganzt. Dat heescht huet d'Gemeng Interessi fir esou e Paddle-Projet. Doropshi kënne mir dann déi nächst Schrëtt an dësem Dossier goen.

## 9) Emailsadresse

- Sou wéi an der leschter Versammlung beschwat, huet eise Sekretär eng offiziell Demande un de Schäfferot gestallt fir eng offiziell Kommissiounsmail kënnen ze kréien. Dëst well eng Weiderleedungsmail technesch leider net méiglech ass.
- Mir sinn eis bewosst, dass dës dann um offiziellen Domaine vun der Gemeng géif lafen. Änlech wéi d'Kommissioun vum Vivre-Ensemble och eng Mail huet, déi awer vum Service Communication geleet gëtt. Mir fannen et wichteg, dass d'Bierger an d'Veräiner eng professionell E-Mail-Adresse hu fir eis kënnen ze erreechen. Dës géif da vum Sekretär an / oder Presidentin verwalt ginn.
- Mir krute vum Buergermeeschter schrëftlech per Mail matgedeelt, dass si dës Demande am Schäfferot wäert beschwätzen an eis da Bescheed ginn.

## 10) Oppen Diskussioun

- **Ofschlossiessen**
  - Den 11.Dezember wäert eist Ofschlossiessen am neie Restaurant um Lënster Bierg stattfannen. Hei wäerte mir d'Jugendhaiser vun Déifferdeng, Bissen a Lënster invitéieren. Dëst fir Merci ze soen am Kader vum Seefekëschterennen.
  - Vun der Lënster Sport- a Jugendkommissioun wäerten aacht Leit mat Iesse goen. D'Präsidentin këmmert sech ëm de Menu, de Kontakt mat Déifferdeng a Biissen sou wéi den Austausch mam Sportschäffen.

- **Feldhockey**
  - De Sport „Feldhockey“ huet an deene leschte Joren immens u Popularitéit an eisem Land gewonnen, an dat och an eiser Gemeng. Sou ass dëst Mëttlerweil eng vun de beléiftste Sportaarten am Lënster Lycée.
  - Esou hu mir dee konkreet Message respektiv Demande kritt, dass den Interessi fir d'Grënnung vun engem Feldhockey-Veräin an eiser Gemeng do ass.
  - Si hunn och scho gekuckt wat ee méiglecht Potenzial wier. Hei hunn si eis vun 130 bis 140 Kanner bericht, déi interesséiert wieren am Veräin aktiv ze ginn.
  - Fro déi sech stellt, ass wéi sou oft, wou een esou eng Plaz an eiser Gemeng kéint fannen. Dëst wëssend, dass mir elo scho mat eise sportlechen Infrastrukture virbäi an hanne widder sinn. D'Iddi ass opkomm ze préiwen, ob eventuell um Site „Op Fréinen“ eng wieder Méiglechkeet hannert dem Fussball respektiv ronderëm géif bestoen.

## 11) Nächst Datumer

| Datum | Auerzäit | Plaz | Beschreiwung |
|---|---|---|---|
| 11.12.2024 | 19:30 | Lënster Bierg | Ofschlossiessen |
| 21.01.2025 | 19:30 | Centre Culturel | 14.Reunioun |
| 04.03.2025 | 19:30 | Gaston Stein | 15.Reunioun |
| 31.03.2025 | 19:30 | Gaston Stein | 16.Reunioun |
| 28.04.2025 | 19:30 | Centre Culturel | 17.Reunioun |
| 07.06.2024 | 16:00 | Op Fréinen | Lënster Sportsnuecht |

## 12) Ënnerschrëften

| | | |
|---|---|---|
| | | |
| | | |
| | | |
| | | |

Mat léiwe Gréiss
Luisa Loureiro - Presidentin
Mich Weber - Sekretär